PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Am Naturschutzgebitt "Haff Réimech" goufen am Waasser Këschten opgestallt. Et handelt sech heibäi ëm Schildkrötefalen, mat deenen d'Déieren agefaange ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat gëtt mat de Schildkröten gemaach, déi um Haff Rémech agefaange ginn? Stëmmt et, dass dës Déieren doud gemaach ginn?
2. Wéi vill Schildkröten goufen bis elo gefaangen a wéi vill goufen der doud gemaach?
3. Wéi vill Schildkröte befannen sech aktuell um Sitt?
4. Op wéi engen anere Platzen hei Land kommen dës Falen zum Asaz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député